d'Verwaltung seet, mir bräichten 13 Leit, fir dat do korrekt ze maachen. Am Moment hu mer zwee Fonctionnairë mat enger ganzer Partie Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi e Contrat à durée déterminée hunn, a wou Der d'Nodeeler kennt. Wann ee Mënsch bis ugeléiert ass, da kritt en eng Plaz an da geet e fort.

An da besonnesch bei der Albausanéierung brauche mer en Ingenieur. Mir hunn nëmmen een, deen den Dossier kuckt. Dee brauch zwëschent zwou a véier Stonnen, fir dat ze maachen. Mir kréien awer elo wéinstens do ee bäi. Dat ass also eng drëtt Pist.

Eng véiert Pist ass déi, fir ze kucken, ob mer eis mussen Hëllef vu baussen huelen, well ech et an Zukunft net méi wëll akzeptéieren, datt mer esou laang Délaien hunn. Dat ass ganz korrekt. Also, mir hunn dat nach virun zwou Wochen diskutéiert, fir datt mer endlech esou e Mix kréie vun enger Rei vu Pisten, déi gräifen, fir datt mer an deem Kontext vun de Primë virukommen.

An da wëll ech als leschte Saz och derbäi soen, datt mer eis natierlech och Gedanke maachen, och am Kader vun deem Pakt fir Klima an Nohaltegkeet, dee mer och wëllen uleieren, wou een nach Primë kann adaptéieren an Zukunft.

Ech soen Iech Merci.

Mme la Présidente.- Villmools Merci, Här Minister, och dass Der déi véier Minutte vun der Regierung pile op d'Minutt agehalen hutt. Mir kéimen dann zu eiser leschter Fro am Kader vun eiser aktueller Froestonn. An dat ass d'Fro N°33 vum Här Fernand Etgen un den Här Agrikulturminister iwwert d'staatlech Hëllefe fir den Agrarsecteur. An dann hutt Dir d'Wuert, Här Etgen.

- Question N°33 du 18 janvier 2010 de M. Fernand Etgen relative aux aides du Gouvernement au secteur agricole suite à la crise économique et financière, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Fernand Etgen *(DP).-* Merci, Madame Presidentin. An engem Pressecommuniqué vum 2. Oktober 2009 huet de Landwirtschaftsministère déi direkt national Mesuren - an ech betounen „direkt" - ugekënnegt, fir de Baueren aus där miserabeler Situatioun, an där der vill vun hinne sech befannen, ze hëllefen. An dësem Communiqué gouf preziséiert, datt dës Mesuren, wa méiglech, nach 2009 applizéiert géife ginn. Eng vun dëse Mesurë war ee verbëllegten Tarif fir d'Waasser, dat an der landwirtschaftlecher Produktioun benotzt gëtt.

Ech wollt dofir de Landwirtschaftsminister froen, wou e mat der Ëmsetzung vun dëser Mesure drun ass? Wéi gedenkt en dës Mesure ëmzesetzen? No wéi engem Schema soll dee verbëllegten Tarif berechent ginn? Geet een a Richtung eenheetleche Präis fir d'Landwirtschaft am ganze Land oder hat de Minister éischter un eng fix Reduktioun geduecht? A leschten Enns: A wéi enger Zäitspan gedenkt de Minister dëst vun him gemaachte Versprechen anzeléisen?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Etgen. D'Wuert geet dann un den Här Landschaftsminister.

(Interruption)

Landwirtschaftsminister, pardon.

(Hilarité)

Dat wier och schéin.

M. Romain Schneider, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.-* Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol Merci un d'Presidentin, datt mer dës Fro nach konnte maachen. Ech hat effektiv gesot, ech kéint nëmme bis hallwer véier hei sinn. Ech hu verlängert an de Rendez-vous gereckelt, fir op d'Fro kënnen ze äntwerten.

Eng Fro iwwregens, déi ech och scho beäntwert hunn de leschte Mëttwoch an der Agrarkommissioun, wou den Här Etgen leider wéi och seng Fraktioun verhënnert waren, fir kënne mat derbäi ze sinn, wou mer op déi Problematik vun deenen eenzelne Mesurë fir de Secteur vun der Agrikultur agaange sinn.

Effektiv, den 2. Oktober hu mer e Communiqué gemaach, fir drop anzegoen, wéi am Kader vun der Crise économique, déi 2009 jo virun allem op d'Landwirtschaft relativ grouss war, ze agéiere wier. Do hu mer eng Rei Punkten direkt ugepaakt 2009, mat dem Erhéijen an Zréckbezuele vun der Sécurité sociale, mat derniewent awer och dem Eropsetze vun den Taux wat d'Mëllechkontrolle betrëfft, awer och d'Eropsetze vun der TVA vun néng op zéng Prozent.

Bei deem ganze Package mat der Aktioun „Esou schmaacht Lëtzebuerg", deen am Budget 2010 ageschriwwen ass, handelt et sech ëm ongefëier 2,5 Milliounen Euro. Et ass e Chiffer, deen Dir och kennt aus de Gespréicher, déi mer dacks haten. Et ass och deen dra vun effektiv der Tarification préférentielle vum Waasser fir de Secteur vun der Agrikultur.

Ee Projet, dee mer amgaang sinn de Moment ëmzesetzen, zesumme mat dem Innenministère, an do virun allem mat der Administration de la gestion de l'eau. Eis Servicer hunn eng Note an och e Beispill proposéiert, wéi mer dëst Virgoen an och dës Volontéit vun der Regierung wëllen ëmsetzen. Well net nëmmen an dësem Communiqué, mä och am Regierungsprogramm steet dës Tarificatioun, déi speziell fir d'Landwirtschaft gëllt, dran. A mir sinn amgaang, dës ëmzesetzen.

Mir denken an eise Servicer, a mir hunn en Aarbechtsgrupp gebilt, zesumme mat dem Innenministère virzegoen, datt mer eng eenheetlech Tarificatioun fir d'Landwirtschaft duerch d'ganzt Land kréien, iwwert dee Modell, dee mer amgaang sinn erauszefannen, wéi mer effektiv kënnen eng Linn fannen zwëschent Autonomie communale, déi nach ëmmer besteet, wou déi eenzel Gemengen amgaang sinn hir Präisser ze fixéieren, mä wou mer herno am Endeffekt awer erauskréie wëllen, datt an der Landwirtschaft een eenheetleche Präis am ganze Land bezuelt gëtt.

Mme la Présidente.- Merci, Här Minister. Iert mer elo weiderfuere mam Projet de loi 5951, géif ech Iech nach gären eng Informatioun iwwert den Ordre du jour ginn.

7. Ordre du jour (suite)

Wat de Punkt vun de Konte vun der Chamber fir d'Joer 2008 ugeet, esou gesäit den Artikel 158 vum Reglement Folgendes vir: «L'apurement des comptes de la Cour se fait parallèlement à celui des comptes de la Chambre des Députés.» Well awer elo d'Konte vun der Cour des Comptes fir 2008 zwëschenzäitlech nach net duerch déi zoustänneg Kommissioun gaange sinn, misste mer dee Punkt vun de Konte vum Joer 2008 vun der Chamber vum Ordre du jour haut huelen.

Ech wollt Iech domadder froen, ob Dir domadder averstane sidd?

(Assentiment)

Dann ass dat och domadder esou décidéiert.

Mir kéimen dann zum Projet de loi 5951 iwwert d'Zuchlinne Virton-Rodange an Arel-Rodange. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Spautz, Berger an Negri. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. An hie kritt och dann direkt d'Wuert zum Projet.

8. 5951 - Projet de loi sur la participation de l'État luxembourgeois au financement des travaux d'infrastructure réalisés dans le cadre de la réouverture au trafic des voyageurs des lignes ferroviaires Virton-Rodange et Arlon-Rodange

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.-* Madame President, Kolleeginnen a Kolleegen, vum Projet, dee mer haut elo hei ofstëmmen an iwwert dee mer elo nach déi Diskussioune féieren, a wou ech hoffen, wou der alleguerten den Aval derzou gitt, ass de 4. November 2008 den Dépôt gemaach gi vum Minister. De Conseil d'État huet de 24. November 2009, also ee Joer an 20 Deeg drop, en Avis dozou ofginn. Den 23. September 2009 war ech zum Rapporteur bestëmmt ginn.

Dee Projet geet zréck op eng Konventioun vum 9. Mäerz 2008, wou den deemolege belschen Transportminister Leterme an de Lëtzebuerger Transportminister Lucien Lux eng Konventioun ënnerschriwwen hunn, fir den Transport an der Groussregioun besser ze maachen.

Transport an der Groussregioun ass e grousst Thema. An ech wëll just nach eng Kéier mat de Chifferen drun erënneren. Hei a Lëtzebuerg kommen all Dag vill Frontalieren eran. 2006 waren et der 26.000 aus Däitschland, 32.000 aus der Belsch an 62.500 aus Frankräich. Elo zwee Joer méi spéit sinn et der laut Statec 34.650 aus Däitschland, 37.000 aus der Belsch an 72.000 aus Frankräich. Wat also beweist, dass et wichteg ass, dass mer ëmmer méi transfrontalièren Transport op d'Bee setzen.

Et muss een och bei dësem Projet ënnersträichen, dass déi Relatiounen, déi mir jo mat der Belsch hunn, op Basis vum Vertrag vun 1922 iwwert d'UEBL zréckginn. E Vertrag, dee jo och schonn eng Kéier erneiert ginn ass, a wou een och net däerf vergiessen d'Deklaratioun vun der fréierer Regierung eng Kéier ze kucken, wou drastoung, dass d'Lëtzebuerger an d'belsch Regierung sech driwwer eens gi sinn: „pour suivre et intensifier encore davantage nos relations à tous les niveaux", wéi déi zwou Regierungen dat deemools an der Gäichel festgehalen hunn, fir driwwer ze schwätzen, dass déi Accorden ëmmer besser musse ginn.

Et ass och wichteg ze ënnersträichen, dass dat Ganzt drëm geet, fir éischtens d'Streck Lëtzebuerg-Virton. An do huet och de Statsrot herno gesot, mir hätten eppes am Intitulé vergiess, mir hätten am Intitulé vum ursprüngleche Gesetz nëmme geschwat vu Rodange-Virton, et misst een awer och nach eng Kéier Rodange-Arel derbäisetzen. Dat hu mer och an der Kommissioun esou ugeholl, fir do aus deenen zwou Richtungen erbäi deen öffentlechen Transport ze förderen a besser ze maachen.

De Lëtzebuerger Stat hëlt un deene ganzen Aarbechten an deene verschiddene Garen an op deene verschiddene Strecken deel mat enger Gesamtzomm vun 1,5 Milliounen. Esou dass et domadder méiglech ass, dass d'Frontalieren, déi aus der Regioun vu Virton respektiv vun Arel kommen, och besser op Lëtzebuerg kënne kommen.

Ech mengen, dee Projet hei beweist, wéi wichteg et ass, dass mer och nach op anere Plaze vum Land, op anere Punkten esou éischtens d'Linnen a Stand setzen an awer och b) driwwer nodenken, Park&Riden ze maachen, ob dat am franséischen, am däitschen oder am belschen Deel ass, well dat mat géif derzou bäidroen, dass mer manner Stauen op der Autobunn hätten, an da gläichzäiteg, dass mer och eppes géife maachen am Intérêt vum öffentlechen Transport.

Ech géif domadder och d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Mir soen dem Rapporteur da Merci. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen.

Discussion générale

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci, Madame Presidentin. Ech wéilt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen an och kuerzen, awer prägnante mëndleche Bericht. Dat hei ass en Dossier, wou et ëm d'Mobilitéit, den öffentlechen Transport geet, wat ee muss ënnerstëtzen. Insbesonnesch viséiere mer hei jo d'Grenzregioun, d'Groussregioun, wou dann och ganz vill Frontaliere betraff sinn. Et geet hei drëms, fir engem Deel vun de Frontalieren, déi aus der Belsch kommen, den öffentlechen Transport méi attraktiv ze maachen, an duerfir kënne mer also dee Projet och voll ënnerstëtzen an eisen Accord ginn.

Et ass natierlech dann och d'Hoffnung, datt herno d'Leit déi Chance notzen an dann och deen öffentlechen Transport, deen da méi attraktiv ass, och benotze wäerten.

Op där anerer Säit wéilt ech awer och eng kuerz Remarque maachen, dat ass déi, datt mer och hoffen, datt déi Projeten esou schnell wéi méiglech ëmgesat ginn an datt do net nei Hürde kommen. Insbesonnesch wollt ech virdrun an der Froestonn d'Fro stellen - si ass net méi hei op den Ordre du jour komm, well mer d'Zäit iwwerschratt haten, da wäert ech se schréftlech stellen -, mä net, datt mer Situatioune kréie wéi zum Beispill an anere Projete vum öffentlechen Transport, d'Gare-périphériquen, wou dann, wann ech dat esou richteg konnt interpretéieren, wat den Här Lux d'lescht Woch gesot huet, zum Beispill de Finanzminister dat da jorelaang oder mindestens ee Joer scho géif blockéieren. Ech hoffen, datt dat wéinstens hei fir dëse Projet net wäert de Fall sinn.

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun ginn. Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Berger. Den nächsten a leschten agedroene Riedner ass den Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).-* Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur Marc Spautz Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass bei ëm déi 150.000 Frontaliers enorm wichteg, dass mer hir Mobilitéit nohalteg organiséieren aus ekonomeschen, mä net zulescht aus ekologesche Grënn, wou mer säit Kopenhagen méi wéi jee motivéiert musse sinn, fir bei eis doheem effizient géint de Klimawandel virzegoen.

Duerfir war et och gutt a richteg, dass eise fréieren Ëmwelt- an Transportminister Lucien Lux den 9. Mäerz 2008 mat sengem belschen Homologue eng Konventioun ënnerschriwwen huet, fir de grenziwwerschreidenden Voyageurszuchverkéier mat eise belschen Nopere ronderëm Rodange nohalteg ze verbesseren. Als LSAP ënnerstëtze mer domat d'Lëtzebuerger Participatioun um Finanzement vun den Zucharrête vun Halanzy-Aubange a Messancy mat engem Montant wéi gesot elo scho vun 1,5 Milliounen Euro.

An deem Kader wollt ech dem Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler just zwou Froe stellen: Éischtens, well mer hei am Dräilännereck vun der Belsch, Frankräich a Lëtzebuerg leie mat Aubange, Longwy a Rodange, wäert et erfahrungsgeméiss trotz der neier gudder Zuchverbindung net duergoen, déi wäit verspreeten Uertschafte komplett op den Zuch ze drainéieren. Hei war sengerzäit am Dräilännereck zu Rodange um Site vun der Rodanger Schmelz un engem Park&Ride mat Zucharrêt geplangt ginn.

Ech wollt de Minister froen, ob dëse Projet nach aktuell ass, a wann net, ob dësen erëm kéint emol eng Kéier ënnersicht ginn, fir den „modal split" nach zousätzlech an deem Eck do zugonschte vum Zuch ze verbesseren.

An dann eng zweet Fro: De ganzen Trafic aus der Belsch, a mer hoffen, dass jo an Zukunft dann nach méi Trafic iwwert d'Schinn an eist Land erakënnt, gëtt jo via Rodange zum gréissten Deel iwwer Péiteng op Lëtzebuerg drainéiert, an heibäi spillt natierlech déi nei Zweegleisestreck eng wichteg Roll, fir d'Capacitéit vun den Zuchfrequenzen héich ze halen.

An deem Kader wollt ech de Minister froen, wéi wäit d'Zweegleisegkeet zwëschent Péiteng a Lëtzebuerg schonn operationell ass, a fir wéini de Minister domat rechent, déi komplett Zweegleisegkeet bis op Hollerech a Betrib huelen ze kënnen.

Ech hu gesinn, dass iwwert dem Contournement vun der Areler Autobunn A3-A6 d'Preparatiounsaarbechte fir d'Anzéie vun enger Bréck schonns amgaang sinn. Bei der Iwwerquerung vun der Escher Autobunn, wou jo och eng Bréck muss gebaut ginn, do hunn ech kee Chantier gesinn.

Duerfir wär et interessant, wann de Minister eis e puer Detailer iwwert de Bau vun der Zweegleisegkeet vu Péiteng op Lëtzebuerg kéint ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen dem Här Minister Merci fir d'Äntwerten.

Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Negri. Domat ass eis Riednerlëscht ofgeschloss an d'Regierung kritt d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-* Merci, Madame Presidentin. Fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci fir seng effizient Aarbecht, an och der ganzer Kommissioun, datt mer dee Projet elo konnten esou schnell hei virukréien.

Ech krut vum Här Negri zwou Froen, prezis Froe gestallt. Déi éischt Fro, dat ass déi vum Park&Ride am Dräilännereck zu Rodange. Dee Projet huet effektiv par rapport zu den initialen zäitleche Projeten, souvill meng Informatioune sinn, e wéineg Retard kritt, well do Terrainsproblemer sech gestallt hunn. Mir si momentan amgaang ze kucken, datt mer déi Terrainsproblemer, déi sech gestallt hunn, débloquéieren. Ech hoffen, datt dat eis relativ kuerzfristeg gelengt, well ech mengen, dat ass e Projet, dee scho Sënn huet a Wichtegkeet huet.

Déi zweet Fro, déi Der gestallt hutt, dat ass déi vun der Zweegleisegkeet vun der Péitenger Streck. Fir en général ze soen: Dat ass jo eng Streck, déi an zwou Phase gemaach gëtt. Déi éischt Phas, déi ass quasi ofgeschloss, éischt Phas, déi bis op Dippech geet. Déi zweet Phas, déi gëtt selbstverständlech elo an deenen nächste Méint weidergefouert. Mir sinn an dem provisoresche Programm esou, datt mer denken, datt déi zweet Phas kéint 2013 ofgeschloss ginn.

Ech wëll awer net mech ëmmer definitiv op déi Schlussdatumen do festleeën, well ech jo och weess, wéi vill Problemer kënnen op Chantieren - an dat hei ass net nëmmen ee Chantier, mä dee besteet natierlech aus verschidden Etappen am Chantier -, wéi vill Problemer kënne virkommen. 2013 ass also de geplangten Ofschloss. Ronn 66% vun dem techneschen Deel sinn also scho momentan erleedegt; dat anert bleift also nach an deenen nächste Joren ze maachen.

Elo hutt Der zwee prezis Punkten - elo geet et wierklech an d'Detailer -vun deem do Projet ugeschwat. Dat eent, dat ass dee vun der Helfenterbréck, wou effektiv amgaang ass geschafft ze ginn. Do gëtt awer momentan geschafft, wa meng Informatioune gutt sinn, haaptsächlech aus deem Grond, well déi sougenannten Helfenterbréck soll frësch gemaach ginn an dee Rond-point do, well déi Bréck u sech net méi hält an net méi gutt ass. Duerfir huet dee Projet misse virgezu ginn. Dat ass e Projet, dee vu Ponts et Chaussées gemaach gëtt an dëser Etapp. Selbstverständlech, wann dee Projet gemaach gëtt, gëtt en esou gemaach, datt duerno och dat, wat ënnendrënner muss kommen, dann direkt mat calibréiert ass, fir dat Richtegt ënnendrënner ze bauen. Dat schéngt mer logesch ze sinn.

An déi aner, deen zweete mat der Escher Autobunn, ech mengen, dat ass dann eng vun den Etappe vum klassesche Péitenger Projet, wou mer an deem normale Rhythmus weiderfueren. Do kann ech Iech awer leider elo net soen, a wat fir enger Zäitspan déi do Etapp wäert gemaach ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung fir dee Projet.

Mme la Présidente.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun elo ofgeschloss a mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. Den Text steet am Document parlementaire 5951[2].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno d'Votes par procuration.

D'Resultat ass folgend: Jo-Stëmmen Oui, Non-Stëmmen Non. Domat ass de Projet de loi ugeholl.

Résultat définitif: le projet de loi 5951 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kéimen direkt zum Projet de loi 6045 iwwert den Hafe vu Mäertert. Och dës Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Madame Presidentin, wann Der mer erlaabt!

Mme la Présidente.- Jo?

M. Xavier Bettel *(DP).-* Dir hutt gesot, dass d'Jo-Stëmme mat Oui beäntwert wären, an d'Nee-Stëmme mat Non.

Mme la Présidente.- Dat eent hat dat anert scho bal implizéiert, mengt Der.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Jo, wéi hu mer et? Et wär awer net onwichteg ze wëssen, wéi et adoptéiert ginn ass.

Mme la Présidente.- 60-mol Jo.

Une voix.- 60?

Mme la Présidente.- Jo. Wéi hat ech da gesot?

M. Xavier Bettel *(DP).-* Dir hat gesot, Jo mat Oui, Nee mat Non.

Mme la Présidente.- Ah bon. Also, et gouf keen Doute.

(Hilarité)

Et gouf keen Doute. Merci, Här Bettel.

Da géife mer elo weiderfuere mam Projet de loi 6045 wéi gesot iwwert den Hafe vu Mäertert. Och hei hu mer de Basismodell, wat d'Riedezäit ubelaangt. Mir hu bis elo als ageschriwwe Riedner: den Här Spautz, den Här Etgen an den Här Scheuer. An d'Wuert huet als Éischten natierlech de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. 6045 - Projet de loi modifiant la loi du 31 mars 2000 concernant l'administration et l'exploitation du Port de Mertert

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.-* Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vum Gesetz iwwert den Hafe vu Mäertert ass den 18. Mee 2009 den Dépôt gemaach ginn, an de Conseil d'État huet de 24. November 2009 säin Avis dozou ginn.

Den Objet vun deem Projet ass d'Exploitatioun vum Hafe vu Mäertert. Et geet drëm, well den Hafe vu Mäertert ass ee vun den Haaptëmschlagplaze vun der Sidérurgie. D'Moderniséierung vun der Schinneninfrastruktur an d'Vergréisserung vun der Schinneninfrastruktur ass den Inhalt vun deem Projet. Et komme véier zousätzlech Gleiser: dräi fir d'Hafegesellschaft an ee fir den Déchargement vun Tanklux.

Ech wëll awer preziséieren, well déi lescht Deeg, Wochen a Stonne ganz vill doriwwer spekuléiert gëtt, ob dat eppes domat ze dinn hätt mat der Vergréisserung vun den Tanken zu Mäertert: Dat huet iwwerhaapt näischt domat ze dinn. Dat hei huet just domat ze dinn, dass d'Schinneninfrastruktur am Hafen an d'Rei gesat gëtt.

Et muss een och nach eng Kéier dorun erënneren, an de Projet de loi beweist dat ganz gutt opgrond vun den Zuelen, wat d'Entstehungsgeschicht ass vum Hafe vu Mäertert: dass deen de 27. Oktober 1956 duerch eng Konventioun vun deenen dräi Länner Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg komm ass, dass deen Traité de 26. Dezember 1956 ratifizéiert ginn ass an dass et lassgaangen ass mat den Aarbechten 1958, fir dass 1964 déi éischte Kéier Schëffer do gefuer sinn.

D'Gesellschaft u sech ass den 3. Juli 1964 gegrënnt ginn a baséiert op enger Konventioun zwëschent dem Stat an der Hafegesellschaft. Déi Konventioun ass de 4. August 1963 ënnerschriwwe ginn an huet eng Durée bis den 3. August 2062. Dat heescht, dat ass bal genau eng Durée vun 99 Joer. An et ass och do wéi bei allen anere Konventiounen, dass déi och duerno nach eng Kéier ka verlängert ginn.

Den Terrain an d'Installatioune sinn d'Propriétéit vum Stat. Déi Gesellschaft setzt sech zesummen zu 1.000 Aktie vum Stat, 800 vun ArcelorMittal, 100 vun der Dexia.

Do war eis dann e klengen, nun net e klenge Feeler, mä wéi de Projet deponéiert ginn ass, huet déi Bank nach Fortis geheescht. Haut heescht déi Bank net méi Fortis, an duerfir hu mer Iech och en Erratum nokomme gelooss. Haut heescht déi Bank BGL BNP Paribas Lëtzebuerg, sou dass mer och duerfir den Erratum hu missen am Projet abauen. Mä wéi de Projet deponéiert ginn ass, war et nach d'Fortis. Duerfir wëll ech och direkt dorop opmierksam maachen. Dir hutt dat och am Rapport extra eng Kéier nogeschéckt kritt, dass eis do dee Feeler ënnerlaf war.

Den Hafen u sech läit zwëschent Gréiwemaacher a Mäertert. En huet eng Längt vun 3,3 km an eng Fläch vun 65 ha. Et si 1.600 Quaimaueren do, fir och eng Kéier déi Zuelen ze ënnersträichen. Et leien 18,5 km Gleiser do, an et si d'Stroossen do an der Längt vu sechs Kilometer.

Et ass also elo wichteg, dass mer deen Ausbau maache vum Mäerterter Hafen, well et dorëm geet, fir och den Haaptëmschlagplaz vun der Sidérurgie, ob dat elo de Schrott ubelaangt oder all dat anert Material, wat ukënnt, a wéi gesot, och fir dass de Stockage besteet fir d'Sociétéit Tanklux, déi och am Hafen usiesseg ass.

Ech wëll och drun erënneren, dass nach d'Etüd Planko virläit. Déi Kolleegen aus dem CPI hu sech schonn öfters mat der Etüd Planko beschäftegt, well de CPI hat do eng Kéier an Optrag gi beim Etüdebüro vun Essen, fir driwwer ze kucken, wat alles an Transportkäschte mat dran ass. D'Kolleegen aus dem CPI haten dat net méi spéit wéi virun dem 15. Mee 2009 och eng Kéier um Ordre du jour, fir doriwwer ze schwätzen, fir do och eng Kéier all déi Vergläicher kënnen ze maachen, wat am Fluvialtransport dran ass, wéi deier deen Transport ass an dass deen och vill méi bëlleg ass, wéi wa mer dat op d'Schinn oder op d'Strooss setzen, an dass et duerfir och wichteg ass, dat alles op de Wee ze brëngen, an dass et duerfir och wichteg ass an dat ënnersträicht, dass mer alles musse maachen, fir dass den Hafen och an Zukunft nach déi Ëmsetzung huet an déi Kraaft huet an deen Intérêt an interessant ass, fir dass d'Leit dohinnerkommen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat Ganzt Fraisë mat sech brëngt vu 86.250.000 Euro, awer elo net an enger Kéier, mä dass een dat muss am Horizont 2012/'13 gesinn, wou da muss ugefaange ginn, an dass et och wichteg ass, iwwert dat eraus vun der Schinn och nach ze ënnersträichen, dass och nach verschidde Stroossen an d'Rei gemaach ginn.

Ech géif Iech domadder soen, dass den Avis vum Statsrot ganz favorabel war. An do hu mer och just gesot kritt, mir missten eng aner Determinatioun am Artikel unique maachen. Mir hunn awer als Kommissioun festgehalen, zwee Artikelen ze maachen: en Artikel 1, dee seet, dass et wichteg ass, de Mäerterter Hafen auszebaue fir d'Besoinen an den Développement vun der Lëtzebuerger Ekonomie; an en Artikel 2, wou mer soen, dass et och wichteg ass, dass de Stat déi Méiglechkeeten huet, fir kënnen an den Hafen esou ze investéieren, fir dass och den Hafen an Zukunft souwuel am Stroossen- wéi och am Schinnentransport, dee gebraucht gëtt, fir d'Schëffer ze läschen, fir dat dann och kënnen ze maachen.

Domadder géif ech Iech Merci soen an och d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten agedroene Riedner ass den Här Etgen.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP).-* Merci, Madame Presidentin. Ech wëll dem Rapporteur, dem Kolleeg Marc Spautz, Merci soe fir säi prezisen, kloren a komplette schréftleche wéi och mëndleche Rapport. Ech mengen, ech wëll och soen, datt d'Demokratesch Partei och mat den Investitiounspläng an de Moderniséierungspläng vum Mäerterter Hafen d'accord ass, fir d'Zukunft, déi wirtschaftlech Zukunft vum Mäerterter Hafen ofzesécheren.

Ech wëll domadder och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Etgen. Deen nächsten agedroene Riedner ass den Här Ben Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Scheuer *(LSAP).-* Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt soen ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Marc Spautz, Merci fir dee komplette schréftlechen a mëndleche Rapport. Iwwert de Projet de loi 6045 kritt de Stat d'Méiglechkeet, fir an d'Moderniséierung an an d'Verbesserung vun den Infrastrukture vum Mäerterter Hafen ze investéieren. An zwar sinn dat 86.250.000 Milliounen Euro. Dat ass schonn en héijen Invest.

Et gëtt keng Vergréisserung vum Hafegelänn, dat ass net méiglech. Mä et geet virun allem ëm den Ausbau vum Schinnennetz a Stroossennetz am Hafegelänn. Véier nei Eisebunnssträng gi verluecht. Dovu sinn der dräi fir d'Hafegesellschaft, déi de Site géréiert, e Site vun ëmmerhi 65 ha, déi vun den Entreprisë Luxport, Tanklux a verschiddene klengere Gesellschaften exploitéiert gëtt. Een neie Strang ass fir d'Tanklux, déi an engem Joer ronn 500.000 Tonne Pëtrolsprodukter importéiert an 63.000 m³ stockéiert.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier op d'Problematik vum Ausbau vun de Capacitéite vun der Tanklux hiweisen. Et ass gewosst, datt d'Erweiderung vun de Stockageméiglechkeete vun de Pëtrolsprodukter mat ekologesche Risike verbonnen ass. Et entsti Gefore fir d'Ëmwelt. Et entstinn awer och Risike fir déi Leit, déi zu Mäertert an zu Gréiwemaacher wunnen, an net zulescht fir déi direkt Noperen op der däitscher Säit vun der Musel. De Wirtschaftsminister ass amgaang, no alternative Standuerter ze sichen, well him d'Problematik bekannt ass.

Wann de Site Mäerterter Hafen trotzdeem erweidert gëtt, da mussen d'Ëmweltrisike mat dem Afloss op d'Liewensqualitéit realistesch ageschätzt ginn, an doropshin dee beschte Konzept ëmgesat ginn, fir d'Gefore fir d'Leit an d'Natur ze vermeiden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schëfffahrt spillt eng wichteg wirtschaftlech Roll fir Lëtzebuerg. Den Trans-